EIST WËLLT LËTZEBUERG

Entdecken, erliewen... erhalen!



https://environnement.public.lu/fr/natur-erliewen/Wellt_Letzebuerg.html

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de l'Environnement, du Climat
et du Développement durable

Illustration HUMAN MADE

EIST WËLLT LËTZEBUERG

Entdecken, erliewen... erhalen!

EIST WËLLT LËTZEBUERG - natierleche Räichtum zu Lëtzebuerg

Lëtzebuerg huet eng enorm grouss Variatioun u Landschaften, Déieren- a Planzenaarten.

Mat dëser Kaart gi mir op Entdeckungsrees duerch eist Land. Mir fannen Déieren déi immens rar sinn, déi sech gutt verstoppen an anerer, déi nei oder nees zeréck an eis Regioun komm sinn. Gëtt et zu Lëtzebuerg de Schwaarze Stuerk? Kann een hei de Grousse groen Neimäerder gesinn? Kéint ech engem Wollef begéinen?

Äntwerten op all dës Froe kritt Dir mat dëser spannender Kaart vun de schéinsten a bekanntsten Déieren an eisem „wëlle Lëtzebuerg“.
Kommt mat! Maacht Iech séier an op ee Bléck e Bild iwwer déi grouss a wäertvoll Diversitéit vun eisem schéine Land a léiert déi wëll an onberéiert Ecke kennen.

«Entdecken, erliewen, erhalen» –
dat war an ass bis haut d'Devise vun «Eist Wëllt Lëtzebuerg».

FLORA & FAUNA LA FAUNE ET LA FLORE

Wat fanne mir op der Kaart?
Impressionant, seelen a schützenswäert Aarten an hir Liewensraim wéi Naturreservater a besonnesch Regioune vun eisem Lëtzebuerg. Dobäi geet et bei dëser Kaart ëm d'Gesamtvue vun eiser Aartevillfalt!

D'Déierenaarte sinn net op den Zentimeter genau do opgezeechent, wou se liewen. Haaptsaach Dir fannt an erkennt eis wëll Matbewunner – a mierkt Iech, wéi se heeschen!

Mir stellen eis vir: déi nei Matbewunner
Verschidden Aarte liewen eréischt säit e puer Joerzéngten hei am Land. Si goufe vu Mënschen erabruecht oder si aus Gefaangenschaft ausgebrach. Lues a lues hunn sinn sech an eise Regioune verbreet an niddergelooss. En interessant Beispill ass de Gëllene Schakal. Hien huet ganz eleng de Wee aus Osteuropa bis op Lëtzebuerg fonnt.

LU
DE
FR
specs

Wäisse Stuerk
Weissstorch
Cigogne blanche
Ciconia ciconia

Äisvull
Eisvogel
Martin-pêcheur
Alcedo atthis

Grouss Houfeisennues
Große Hufeisennase
Grand rhinolophe
Rhinolophus ferrumequinum

Schmuebelschwanz
Schwalbenschwanz
Machaon
Papilio machaon

Kéiseker
Igel
Hérisson d'Europe
Erinaceus europaeus

Biber
Biber
Castor d'Eurasie
Castor fiber

Adder
Schlingnatter
Coronelle lisse
Coronella austriaca

Poufank
Buchfink
Pinson des arbres
Fringilla coelebs

Spanische Flagge
Spanische Flagge
Écaille chinée
Euplagia quadripunctaria

Grousst Wisel
Hermelin
Hermine
Mustela erminea

Wëllkaz
Wildkatze
Chat sauvage
Felis silvestris

Flussperlmuschel
Flussperlmuschel
Moule perlière d'eau douce
Margaritifera margaritifera

Grousse groën Neimäerder
Raubwürger
Pie-grièche grise
Lanius excubitor

Gréng Ederes
Zauneidechse
Lézard des souches
Lacerta agilis

Hues
Feldhase
Lièvre d'Europe
Lepus europaeus

Schwaarze Stuerk
Schwarzstorch
Cigogne noire
Ciconia nigra

Piwitsch
Kiebitz
Vanneau huppé
Vanellus vanellus

Salamander
Feuersalamander
Salamandre tachetée
Salamandra salamandra

Kammmolch
Kammmolch
Triton crêté
Triturus cristatus

Heckefräsch
Laubfrosch
Rainette verte
Hyla arborea

Hauwendaucher
Haubentaucher
Grèbe huppé
Podiceps cristatus

Bëschléierchen
Heidelerche
Alouette lulu
Lullula arborea

Wimperefliedermaus
Wimperfledermaus
Murin à oreilles échancrées
Myotis emarginatus

Steekauz
Steinkauz
Chouette chevêche
Athene noctua

Hieselmaus
Haselmaus
Muscardin
Muscardinus avellanarius

Mëttelspiecht
Mittelspecht
Pic mar
Dendrocopos medius

Roude Schéierschwanz
Rotmilan
Milan royal
Milvus milvus

Feldhong
Rebhuhn
Perdrix grise
Perdix perdix

Bëschmarder
Baummarder
Martre des pins
Martes martes

Blannschlécher
Blindschleiche
Orvet
Anguis fragilis

Wollef
Wolf
Loup
Canis lupus

Duess
Dachs
Blaireau européen
Meles meles

Onk
Gelbbauchunke
Sonneur à ventre jaune
Bombina variegata

Nilgäns
Nilgans
Ouette d'Egypte
Alopochen aegyptiaca

Muffel
Mufflon
Mouflon
Ovis ammon

Wäschbier
Waschbär
Raton laveur
Procyon lotor

Gëllene Schakal
Goldschakal
Chacal commun
Canis aureus

Nordamerikanesch Deckelsmouk
Buchstaben-Scchmuckschildkröte
Trachemys scripta
Trachemys

Bisamrat
Bisamratte
Rat musqué
Ondatra zibethicus

Nutria
Nutria
Ragondin
Myocastor coypus

Arnika
Arnika
Arnica des montagnes
Arnica montana

Tüpfelfarn
Tüpfelfarn
Polypode commun
Polypodium vulgare

Gefransten Enzian
Gefranster Enzian
Gentiane ciliée
Gentianopsis ciliata

Keisblumm
Wiesenschaumkraut
Cresson des prés
Caltha palustris

Moosbeere
Moosbeere
Canneberge
Vaccinium oxycoccos

Meekraidchen
Waldmeister
Gaillet odorant
Galium odoratum

Fliegen-Ragwurz
Fliegen-Ragwurz
Ophrys mouche
Ophrys insectifera

Scharfer Mauerpfeffer
Scharfer Mauerpfeffer
Orpin àcre/Poivre de muraille
Sedum acre

Giel Lëtscheblumm
Sumpf-Schwertlilie
Iris jaune/Iris de marais
Iris pseudacorus

Biesemheed
Heidekraut/Erika
Callune
Calluna vulgaris

Zweiblättriger Blaustern
Zweiblättriger Blaustern
Scille à deux feuilles
Scilla bifolia

LIEWENSRAIM LES HABITATS

Bichebësch
Buchenwald
Hêtraie

Wiss
Wiese
Prairie

Kallekbichebësch
Kalkbuchenwald
Hêtraie calcicole

Aker
Acker
Terre arable

Echen-Hobichebësch
Eichen-Hainbuchenwald
Chênaie-Charmaie

Dréchewiss
Trockenrasen
Pelouse sèche

Eechebësch
Eichenwald
Chênaie xérophile

Heck
Hecken
Haies

Louheck
Eichenniederwald
Taillis de chêne

Fiichtgebitt
Feuchtgebiet
Zone humide

Schluchtbësch
Schluchtwald
Forêt de ravin

Birkenbruch
Birkenbruch
Boulaie tourbeuse

Auwald
Auwald
Forêt alluviale

Wéngert
Weinberg
Vignoble

Nolebësch
Nadelwald
Forêt résineux

Bongert
Streuobstwiese
Verger

NATURRESERVATER A SCHUTZGEBIDDER RÉSERVES NATURELLES ET ZONES PROTÉGÉES

Et ginn de Moment 66 international a 65 national Naturschutzreservater zu Lëtzebuerg. Dës si wichteg fir och deene méi raren Déieren- a Planzenaarte Liewensraim ze ginn an dës virun allem och an der Zukunft ze schützen an ze sécheren. Op der Kaart fannt Dir 11 Natura2000-Gebidder.

Natura2000 Habitatschutzgebitt
Natura2000 Site « Habitat »

Natura2000 Vulleschutzgebitt
Natura2000 Site « Oiseaux »

NATURSCHUTZZENTREN CENTRE D´ACCUEIL

01 eller gronn
02 awiewesch
03 Burfelt
04 BIODIVERSUM
05 MIRADOR

Weider Informatiounen ënner :
https://environnement.public.lu/fr/natur-erliewen/Wellt_Letzebuerg

youtube channel / Eist wëllt Lëtzebuerg

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de l'Environnement, du Climat
et du Développement durable

Illustratioun HUMAN MADE